N°2369
Entrée le 23.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.05.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Sportminister weiderzeleeden:

*„Am Summer 2023 gouf d'SportFabrik zu Déifferdeng, déi 2022 offiziell ageweit gouf an ënner anerem dem* Luxembourg Institute for High Performance in Sports *(LIHPS) als Sëtz déngt, vum Héichwaasser betraff. Deemno goufen eng Rei vu Geräter provisoresch an den éischte Stack verluecht, Deeler vun der Infrastruktur, dorënner besonnesch Testapparater an anert Equipement vum Laboratoire, goufen deels schwéier beschiedegt. Et ass bekannt, datt Moossnamen ergraff goufen, fir d'Ausmooss vum Schued festzestellen an zukünfteg Schied duerch Héichwaasser ze verhënneren.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Sportminister follgend Froe stellen:*

1. *Ass d'SportFabrik zu Déifferdeng aktuell erëm voll funktiounsfäeg a fir all Aktivitéite benotzbar?*
2. *Wa jo, zënter wéini ass dat de Fall? A wann nee, wéini gëtt domat gerechent?*
3. *Wéi eng konkret Schied goufen am Summer 2023 festgestallt (materiell a finanziell)?*
4. *Wat fir Schrëtt goufe mëttlerweil ënnerholl, fir d'SportFabrik virun zukünftegen Héichwaasserbedrohungen ze schützen?"*

Mat déiwem Respekt,

Mandy MINELLA
Deputéiert